ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Mam Gesetz iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit vun 2017 kënnen erwuesse Persoune per Optioun d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, wann si een Elterendeel, Adoptivelterendeel oder Grousselterendeel hunn, dee Lëtzebuerger war oder ass.

Bei dëser Prozedur si Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch keng Konditioun, an et zielt och keng Residenzklausel. Esou kann zum Beispill eng Persoun, déi ni zu Lëtzebuerg gelieft huet, kee Lëtzebuergesch kann a keng Lëtzebuerger Ofstamung huet, d'Nationalitéit kréien, wann ee Grousselterendeel op Lëtzebuerg agewandert ass an d'Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl huet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi vill Persoune kruten an de leschte Joren iwwert dësen Optiounsmodell d'Lëtzebuerger Nationalitéit?
2) Wéi deelt sech dës Zuel op no deene verschiddene méigleche Konditiounen: Elterendeel, Adoptivelterendeel, Grousselterendeel?
3) Wéi vill vun dëse Persounen hunn ni zu Lëtzebuerg gewunnt? A wéi enge Länner hate si hire Wunnsëtz?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**